

Fuerderunge vun "eran, eraus... an elo?" fir de Strofvolzug

Vum Eric Ewald (Radio), ot (RTL.lu)|Update: 08.10.2018 14:22



Si fuerdere fir déi nächst Legislaturperiod ë.a., dass Statistiken a puncto Strofvolzug opgestallt ginn, de Conseil suprême de la justice agesat ...

... an et nees eng Beruffsausbildung zu Schraasseg gëtt: Si, dat ass, wéi si selwer soen, e Krees vu Leit, dee sech fir d'Justiz an de Strofvolzug zu Lëtzebuerg interesséiert. Si wëlle sech „eran, eraus... an elo?“ nennen, hunn direkt oder indirekt mat där Problematik ze dinn a gesi sech a reegelméissegem Ofstänn, fir heiriwwer ze diskutéieren, wéi et an engem Schreiwes vun hinnen heescht.

Nieft de Fuerderungen, déi si dora formuléieren, maache si sech och Gedanken iwwert den Ist-Zoustand vu Justiz a Strofvolzug.

Wat dee betrëfft, géifen d'Gesetzer vum Juli iwwert d'Administration pénitentiaire an d'Exécution des peines eng Rei Verbesserung mat sech bréngen; nawell hätten dës Texter e puer Lacunen, schreiwen d'Leit vun „eran, eraus... an elo?“.

Problemer gesi si virop an der, Zitat, „Hyperincarcération“ hei am Land. Zejoert wäeren

an der Moyenne ronn 700 Leit bei eis am Prisong gewiescht. Zielt een d'Leit, déi an Untersuchungshaft sinn, déi, déi hir Strof ofsätzen, an déi normal Entloossungen zesummen, da géifen op d'mannst 1.500 Leit d'Joer duerch de Prisong transitéieren; dobäi géif d'Kriminalitéit zanter 2014 permanent erofgoen. De Grand-Duché hätt dann och, am Verglach mat den Nopeschlänner, am meeschte Prisonéier pro 100.000 Awunner.

A Saache Käschtepunkt géif zu Lëtzebuerg eng Persoun am Prisong eppes Klenges méi wéi 205 € den Dag kaschten. Norwegen z.B. géif mat bal 350 € den Dag vill méi an d'Prisonéier stiechen; dës Sue wären awer méi fir d'Reinsertioun geduecht wéi fir Repressioun, an dofir hätt dat Land och manner Prisonéier. Dofir sollt och bei eis méi an d'Preventioun investéiert a sollte méi alternativ Strofe gesprach ginn, wéi z.B. Foussfesselen, Aarbechten am Déngscht vun der Allgemengheet oder Therapien. Sou kéime manner Leit an de Prisong, woubäi et d'Solution de facilité wär, fir Leit anzespären; duerch den zukünftege Prisong Uerschterhaff géif allerdings vläicht manner u sou alternativ Strofe geduecht ginn. Tëscht 2001 (320 Prisonéier) an 2006 (bal 700) hätt sech deenen hir Zuel zu Schraasseg méi wéi verduebelt. Zu Lëtzebuerg géifen d'Leit an de Prisong gestach ginn, an da géif een eréischt kucken, wéi et weidergoe sollt.

Eng weider Suerg ass déi, Zitat, „lues Justiz“. D'Zäit, bis et zu engem Prozess kënnt, wär eng schwierig; et misst ee sech froen, firwat d'Prozedure sou laang daueren. Eng „Comparution immédiate“ fir kleng Delikter hätt z.B. de Virdeel, dass d'Zäit an Untersuchungshaft géif limitéiert ginn.

D'Gesetzer iwwert d'Administration pénitentiaire an d'Exécution des peines bréngen deemno Erliichterungen, seet „eran, eraus... an elo?“; et wär een awer a kengem Beräich méi wäit gaange wéi aner europäesch Länner. De Strofvollzug wär och net anstänneg reforméiert ginn, well weider all Muecht an den Hänn vum Parquet général léich, och wann e Recours bei der Chambre d'exécution des peines méiglech wär; dorëms sollt sech awer eng onparteiesch Institutioun këmmere. De „Plan volontaire d'insertion“ da wär wuel positiv; zanter e puer Joer géif et allerdéngs am Prisong keng Berufsausbildung méi ginn, soudass ee sech froe misst, wéi dee Plang fonctionnéiere sollt.

3 weider Fuerderunge vun „eran, eraus... an elo?“ fir déi nächst Legislaturperiod sinn,

dass déi sougenannt Maisons de transition finaliséiert ginn, e Code de travail agefouert gëtt fir Leit, déi am Prisong schaffen, an e Patron just an Ausnamefäll Zougank zum Casier judiciaire sollt kréien, fir d'Reinsertioun vum Prisonéier net ze bremsen.